

Guide: Subsid “Wëllstauden”

Subsid “Wëllstauden”

Am Kader vun de Subside vun de Gemengen un d’Bierger “Kommunale Beihilfen für Energieeffizienz” gëtt et säit Ufank 2025 och e Subsid fir de Kaf vun zertifizéiert eenheemesche Wëllstauden. Dëst Dokument ziilt dorop of, eng Zesummeffaassung vun de wichtegsten Informatiounen zu dësem Thema ze bidden a méi Informatiounen dozou ze ginn, op wat beim Remboursement opgepasst sollt ginn.

Alleguerten d’Subside sinn an der Broschür ze fannen, ënnert <https://naturpark-our.lu/kommunale-beihilfen-fuer-energieeffizienz/>. Heirënner Ausschnëtter, déi de Subsid fir Wëllstauden (Artikel F2) betreffen:

F Anpassung an den Klimawandel/ Regenwasserrückhaltung	Bewilligter Betrag
2 Kauf einheimischer Stauden aus regionalem Saatgut von verifizierten Gartenbaubetrieben im Rahmen des Projekts „D’Naturparken zu Lëtzebuerg - (een) Insekteräich“	50 % des Kaufpreises Min. 50 € Max. 150 € Pro Haushalt & Jahr

Artikel F2:

- Die Liste der teilnehmenden Unternehmen ist im Internet auf der Seite insekten.lu unter der Rubrik Agenda zu finden. Die Teilnahme steht jedem Gartenbaubetrieb offen, der den Anbau von einheimischen Stauden fördern möchte.
- Eine quittierte Rechnung muss dem Antrag beigelegt werden.
- Der Förderantrag muss spätestens 6 Monate nach Rechnungsdatum gestellt werden.

Konditiounen

Subsid	50 % vum Kafpräis fir zertifizéiert Wëllstauden
Minimalbetrag vum Subsid	50 € Fir e Subsid ze kréien, muss een also mind. fir 100 € Wëllstaude kafen.
Maximalbetrag vum Subsid	150 € pro Haushalt pro Joer De Montant vum Subsid ass op 150 € pro Haushalt a Joer limitéiert. Dës kritt een ausbezuelt, wann ee Wëllstaude fir 300 € oder méi akaaft huet.
Gäertnereien	D’Gäertnereien, déi “zertifizéiert” Wëllstauden ubidden, sinn um Site insekten.lu opgelëscht (https://insekten.lu/tipps-und-tricks/wildpflanzenbroschueren).
Beweis	Fir e Subsid ze kréien, muss e Keessenticket virgeluecht ginn. Op de Keessentickete sinn déi a Fro kommend Staude mam Zousaz “IR” (fir

	Projet "Insekteräich" markéiert (Bsp. weider ënnen ze fannen).
Zäitraum	De Kafzäitpunkt däerf zum Zäitpunkt vun der Demande net méi wéi 6 Méint an der Vergaangenheet leien.

Beispill-Oflaf

Wann eng Persoun op d'Gemeng kënnt an eng Ufro fir e Subsid mécht, da sollt de Gemengemataarbechter

- Der Persoun de Formulaire heirënner gi fir auszufüllen,
- Unhand vum Keessenticket an dem ausgefëllte Formulaire den ugefrote Subsid an de Kafdatum kontrolléieren,
- An de Bicher nokucken, ob den Haushalt schonn am nämmlechte Kalennerjoer e Subsid fir Wëllstauden ugefrot huet,
- Wann alles stëmmt, de Subsid accordéieren an ausbezuelen,
- Keessenticket a Formulaire klasséieren.

Fir de Subsid fir de Kaf vun zertifizéierte Wëllstauden ze kréien, fëllt wgl. folgende Formulaire aus:

Mäi Vir- an Nonumm:

Meng Adress (Hausnummer, Strooss, Duerf):.....

Ugefrote Subsid: €

50 % vum Kafpräis fir Wëllstauden (mat Bezechnung "IR" um Keessenticket); Mindestsubsid, deen ausbezuel gëtt, ass 50 € a maximal ginn 150 € pro Haushalt a Kalennerjoer ausbezuel.

Mäin Haushalt huet dëst Joer schonn e Subsid vun € fir Wëllstaude ugefrot.

Wa mäin Haushalt nach kee Subsid fir Wëllstauden ugefrot huet, da wgl. "0" afëllen.

Kafdatum (DD/MM/JJ):

De Keessenticket däerf net méi al wéi 6 Méint sinn.

Mat menger Ënnerschrëft bezeien ech, dass d'Donnéeën, déi ech uginn hunn, korrekt sinn.

Datum an Ënnerschrëft

.....

